

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Se sont abstenus : Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

## 17. 8478 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux pouvoirs de signature

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dem zweetleschte Punkt vun haut de Mëtten, an dat ass den Änderungsversuch vum Chambers-reglement Nummer 8478 iwwert d'Ennerschreiftspouvoiren. Ech erënneren drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat“ ass. An deemno huet d'Rapportrice 5 Minuten Zäit. A vu datt et hei ëm d'Reglement vun der Chamber geet, schwätzt d'Regierung net zu dësem Sujet. D'Wuert huet elo d'Rapportrice. Dat ass d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission du Règlement

**Mme Sam Tanson** (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Ech denken och net, dass ech déi 5 Minuten wäert ausnotzen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson** (déi gréng), rapportrice | A, dat mécht Iech ëmmer Freed.

(Hilarité)

Et geet ëm eng Proposition, déi mer am Bureau guttgeheescht hunn, well mer eis jo och wëllen dem Contrôle vun der Cour des comptes ënnerleeën an natierlech dann och kloer Prozedure brauchen. Mir hunn am Moment am Artikel 34 Paragraf 2 just relativ vag preziséiert, wie wat ënnerschreiw soll, de Pouvoir de signature hei an der Chamber.

Mir féieren elo mam Artikel 16bis eng kloer Reegel an, déi de Pouvoir de signature an der Chamber reegelt, wou et dann am Prinzip de Chamberpresident an/oder de Generalsekretär sinn, déi dee Pouvoir de signature hunn. Dee kann awer och delegéiert ginn. A méi genau prozedural Reegelen gi mer eis da mat engem Règlement vum Bureau, wou mer dann do wäerten zesumme kënnen diskutéieren.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Ech soen der Rapportrice Merci fir dee mëndlechen a schrëftleche Rapport an ech soen och der Madamm Tanson, dem Bureau an der Reglementskommission Merci fir d'Vitess, mat där se hei an dësem Dossier geschafft hunn. Dat hëlleft eis schonn, fir eisen administrativen Tächen uerdentlech bäizekommen.

Da komme mer also zur Ofstëmmung vun dësem Änderungsversuch Nummer 8478. Den Text steet am Document parlementaire 8478<sup>1</sup>.

### Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre 8478

An ech maachen d'Ofstëmmen op. Dir musst ee Moment Gedold hunn, well d'selwecht wéi de Moien – ech sinn amgaangen ze iwwerleeën, wéi ech dat elo soll soen – gesinn ech net méi op mengem Ecran, wéi de Vott ofgelaf ass. Ech waarden also ee Moment op deem ...

(Interruption par M. Sven Clement)

Jo, ech ginn dovunner aus, Här Clement, mee ech waarden awer op d'Confirmatioun, déi ech elo um

Pabeier hei kritt hunn. An d'Confirmatioun ass, datt u sech 60 Leit mat Jo gestëmmt hunn, ...

**Plusieurs voix** | A!

**M. Claude Wiseler**, Président | ... also mat kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. Dëse Projet ass also mat 60 Jo-Stëmmen unanimement ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Fernand Etgen), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferdig (par M. Georges Engel), Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Yves Cruchten), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Ben Polidori) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

## 18. Motion de M. Meris Sehovic relative à la gestion gouvernementale des politiques d'asile et des conditions d'accueil

(Motion déposée en séance publique n° 60 du 22 janvier 2025 – à consulter en page 16 de ce compte rendu)

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass eng Motioun vum Här Meris Sehovic, deen déi de Moien hei erabuecht huet, iwwert d'staatlech Verwaltung vun der Asylpolitik a vun den Opnamebedingungen. Den Auteur huet 5 Minuten, déi eenzel Fraktiounen och 5, déi eenzel Sensibilitäten 2 an d'Regierung 5 Minuten. Den Här Sehovic huet elo d'Wuert als Auteur vun der Motioun. Wann Der nach wëllt eppes soen.

### Exposé

**M. Meris Sehovic** (déi gréng), auteur | Här President, ech hat jo haut de Moien Zäit, fir d'Motivatioun ze exposéieren. Ech géing zum Schluss dann nach eng kéier Stellung huelen, wann noutwendeg.

**M. Claude Wiseler**, Président | An der Rei, Här Sehovic.

Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen? D'Madamm Minella, d'Madamm Weydert.

### Discussion générale

**Mme Mandy Minella** (DP) | Villmools merci fir d'Motioun. Ech muss awer hei e puer Saachen rüchtstellen. Dir schwätzt am éischten Turet vun „témoignages multiples“. Déi Mail, déi mir geschter kruten, war fir eis déi éischt vun där Zort. A jo, et ass en Hëllefsschritt vun enger Famill.

Den zweeten Turet schwätzt vu „carences graves et inacceptables“. Et ass eis bewosst, dass mir säit

Joren an eise Strukture vir bäi an hanne widder sinn, obschonn neier geschafft goufen an eelerer renovéiert goufen. D'Situatioun ass net agebueren, wéi déi nei Regierung 2023 ugetratt ass, mee déi gouf et och schonn, wéi d'LSAP an charge vum Accueil war an déi gréng zoustänneg fir d'Bauten.

(Brouhaha)

De véierten Turet referéiert sech op den OKaju, wat d'Kannerfrëndlechkeet an de Strukturen ugeet. Mir weisen dat zréck, och wa sécherlech ëmmer Saachen besser gemaach kënnen ginn.

Jo, et gëtt Retarden an de Prozeduren an do musse mir besser ginn. Är Invitte musse mir awer zréckweisen.

Am éischten Turet schwätzt Dir vun den Demandeurs de protection internationale. Dat ass falsch. Keen DPI oder BPI gëtt aus de Strukturen erausgesat. Et handelt sech hei ëm Leit, déi um Enn vun der Prozedur sinn, déi debuté sinn, déi vun de Gerichter, net vun der Politik, net vun der Regierung, d'Decisioun kruten, dass se net kënnen bleiwen. Dës Leit kréien d'Optioun, an d'Maison de retour ze goen, an déi ass och kannergerecht. Wéi gesot, d'Gerichter hunn d'Decisioun geholl, opgrond vun der Analys vun hirem Dossier, dass déi Leit hei am Land keen Asyl kréien.

Zum zweeten Turet, wat de Bau vun den neie Wunnstrukture fir d'DPI ugeet: De Minister gëtt net midd, fir Gemengen anzulueden ze hëllefen. Jo, hie pilgert duerch d'Land. D'Kommunalpolitiker heibanne kënnen sech jo dann och emol déif an d'Ae kucken.

(Interruption)

Am drëtten Turet fuerdert Dir eng grouss Zuel vu reegelméissegem Analysen. Dat kann ee fuerderen, mir sinn awer der Meenung, dass déi Ressourcen humaines besser um Terrain kënnen a sollen agesat ginn. Wichteg ass mir awer och nach ze ënnersträichen, dass mir séier wëllen enger Demande no-komme fir eng Jointe Interieur/Famille, fir am Fong eng kéier iwwert dëse Sujet den Tour ze maachen.

Ech ka menge Fraktiounskolleegen also nëmme virschloen, dës Motioun net matzedroen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Minella. Dann hunn ech véier Wuertmeldungen: d'Madamm Weydert, den Här Weidig, d'Madamm Braz an den Här Clement an duerno den Här Baum. Da ginn ech der Madamm Weydert d'Wuert.

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Villmools merci, Här President. Also, ech ka mech deene Wieder vun der Madamm Minella nëmme ralliieren. An dobäi wëll ech awer nach soen, dass d'Direction générale de l'immigration och haut schonn all Mount Statistiken iwwert d'Protection internationale an och d'Protection temporaire publizéiert. Dat kënn Der um Site vun der Direction générale de l'immigration kucken. An dobäi wëll ech och soen, dass den Inneminister amgaangen ass, d'Prozeduren, also d'Delaien, ze optiméieren, fir den Demandeurs de protection internationale hire Rechter esou gutt wéi méiglech an esou séier wéi méiglech kënnen gerecht ze ginn.

Et ass awer wichteg, dass all Demande eenzel analyséiert gëtt an och eenzel consideréiert gëtt, dass hei net pauschal Decisiounen geholl gi vis-à-vis vun deene vulnerabelste Mënschen, déi hei Asyl sichen. A wéi d'Madamm Minella scho gesot huet, mir hunn alles an d'Weeër geleet, fir do eng jointe Kommissiounssetzung ze maachen, esou wéi dat och vun der LSAP gefrot ginn ass, eng Jointe Famille an Affaires internes, an dowéinst wäerte mir dës Motioun och net matstëmmen als CSV.